

Evangelium vum 5. Faaschtesonndeg (Joer A)

Joh 11,3-7.17.20-27.33b-45 (Kuerzfaassung)

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
A. *Dir all Éier, Här.*

³ Dem Lazarus seng Schwësteren hunn nom Jesus geschéckt
an him soe gelooss:

"Här, kuck, de Lazarus, deen s du gär hues, ass krank."

⁴ Wéi de Jesus dat héieren huet,
sot hien: "Seng Krankheet féiert net zum Doud,
ma se ass do wéinst dem Herrgott senger Herrlechkeet,
fir datt dem Herrgott säi Jong duerch si verherrlecht gëtt."

⁵ De Jesus hat d'Martha an hir Schwëster an de Lazarus gär.

⁶ Obschonns hien elo héieren huet, datt de Lazarus krank war,
ass hien nach zwéin Deeg op där Plaz bliwwen, wou hie war.

⁷ Eréischt duerno sot hien zu senge Jünger:
"Loosse mer hannescht a Judäa goen."

¹⁷ Wéi de Jesus dohi komm ass,
louch de Lazarus schonn zénter véier Deeg am Graf.

²⁰ Wéi d'Martha héieren huet, datt de Jesus kéim,
ass si him entgéintgaang;

d'Maria awer ass am Haus bliwwen.

²¹ Du sot d'Martha zum Jesus:
"Här, wann s du hei gewiescht wäers,
da wär mäi Brudder net gestuerwen."

²² Ma och elo weess ech:
Dat, wurëms du den Herrgott frees,
dat gëtt den Herrgott dir."

²³ De Jesus sot zu hir: "Däi Brudder steet nees op."

²⁴ D'Martha huet him geäntwert:
"Ech weess, datt hien nees opsteet –
bei der Operstéitung op Jéngsterdag."

- ²⁵ De Jesus sot zu hir:
 "Ech sinn d'Operstéitung an d'Liewen:
 Wien u mech gleeft, dee lieft,
 och nodeems hie gestuerwen ass,
- ²⁶ a jiddereen, dee lieft an u mech gleeft,
 dee stierft an all Éiwegkeet net.
 Gleefs du dat?"
- ²⁷ D'Martha sot zu him:
 "Jo, Här. Ech gleewen, datt s du de Christus bass,
 dem Herrgott säi Jong, deen an d'Welt kënnt."
- ^{33b} De Jesus war ännerlech opgewullt an an enger Oprou.
- ³⁴ Hien huet gefrot: "Wuer hutt dir hien higeluecht?"
 Si hunn him geäntwert: "Komm, Här, a kuck!"
- ³⁵ Du sinn dem Jesus d'Tréine komm.
- ³⁶ D'Judde soten:
 "Kuck, wéi gär hien de Lazarus hat!"
- ³⁷ E puer vun hinnen awer soten:
 "Hätt deen do, deen deem Blannen d'Aen opgemaach huet,
 net och maache kennen,
 datt de Lazarus net gestuerwe wär?"
- ³⁸ Dunn ass de Jesus, deen nees ännerlech opgewullt war, bei d'Graf gaang:
 Et war eng Hillecht, déi mat engem Steen zougemaach war.
- ³⁹ De Jesus sot: "Huelt de Steen ewech!"
 Du sot deem Verstuerwene seng Schwëster, d'Martha, zu him:
 "Här, hie richt schonn,
 et ass nämlech schonn de véierten Dag."
- ⁴⁰ De Jesus sot zu hir:
 "Hunn ech dir net gesot,
 datt s du dem Herrgott seng Herrlechkeet ze gesi kriss,
 wann s du gleefs?"
- ⁴¹ Dunn hunn si de Steen ewechgeholl.
- De Jesus huet opgekuckt
 a gesot: "Papp, ech soen dir merci, datt s du op mech gelauschtet hues.
- ⁴² Ech weess zwar, datt s du èmmer op mech lauschters,
 awer wéinst deene ville Leit hei ronderëm
 hunn ech dat gesot,

fir datt si gleewen,
datt s du mech geschéckt hues."

⁴³ Nodeems hien dëst gesot hat,
huet hien haart geruff: "Lazarus, komm eraus!"

⁴⁴ Dunn ass deen Doudegen erauskomm.
Hien hat léngen Dicher ém d'Féiss an ém d'Hänn gebonnen
an e Schweessduch ém d'Gesiicht gewéckelt.
De Jesus sot zu hinnen:
"Maacht hie lass a loosst hie fortgoen!"

⁴⁵ Vill vun de Judden, déi bei d'Maria komm waren
a gesinn hunn, wat de Jesus gemaach huet,
hunn un hie gegleeft.

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*